ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 21/06/2026

# Rapport vun der Kultur an Fräizäit Kommissioun

## Sëtzung vum 2. Juni Mai 2026

## Presenzen

| Present | Net present |
|---|---|
| PINTO Toni | BAUS Ben (entschëllegt) |
| WETZEL Mike | KINNEN Sandrine (entschëllegt) |
| WIRTZ Sandra | JENTGES Nicole (entschëllegt) |
| DOEMER Patrick | MEYER Louis (entschëllegt) |
| WOLLTER Charles | |
| CINCIS Patrick | |
| VOSMAN-KIEFER Diane | |

## Punkt 1: Bilan zum Comedy Owend

De Bilan vum Comedy Owend war positiv, och wann d'Gemeng d'Käschte vun der Bün iwwerholl huet, wat den Erfolleg vun der Veranstaltung mat erméiglecht huet. Fir zukünfteg Eventer soll am Viraus festgeluecht ginn, wat Acteuren a Kënschtler a Punkto Iessen a Gedrénks kréien. D'Kommunikatioun soll gezielter op de Publique Cible ofgestëmmt ginn, fir datt déi richteg Leit och tatsächlech erreecht ginn. D'Würtscher, déi dëst Kéier ausserhalb vum Sall ugebuede goufen, solle bei zukünftegen Eventer nees am Eventraum selwer verkaaft ginn. Den Erléis vum Owend, insgesamt 1.810,10 € geet un des zwou Associatioune gespent,  905,05€ fir Ligue HMC (Kollektiv Dadofonic) an 905,05€ fir Häerzkrank Kanner zu Lëtzebuerg (ALAEC). Kommissioun wäert keng Iwwerreechung maachen.

## Punkt 2: Initiativ fir lokal Erënnerungen a Geschichten ze sammelen

D'Kommissioun proposéiert eng Initiativ fir lokal Erënnerungen a Geschichten ze sammelen, als eng Zäitrees duerch d'Gemeng. D'Iddi ass et, an all Ausgab vum Buet e spezifeschen Androck vun enger Plaz oder engem Gebai an hier Geschicht den Awunner virzestellen. D'Artikele sollen op Lëtzebuergesch a Franséisch iwwer en Zäitraum vun 2 bis 3 Joer veréffentlecht ginn.

Helperknapp, 21/06/2026

Als éischt Quellen dénge besteeënde Literatur an d'Informatiounen aus dem IMPA Buch, déi fir all Artikel gezielt ausgeschafft ginn. Fir weider Informatioune gouf proposéiert e Kaffisstuff z'organiséieren, wou Leit mat Erënnerungen an Erliefnisser hir Geschichten erziele kënnen. Dëse Virschlag gouf verworf well eng Kaffisstuff eventuell net déi richteg Leit unzitt. Als Alternativ géingen dofir gezielt Persoune mat spezifeschem Wëssen iwwert déi jeeweileg Gebailechkeeten direkt ugeschwat ginn.

Op Basis vun den Informatiounen aus den Artikele kéinten an engem weidere Schrëtt, Plaquetten fir déi betreffend Gebaier ausgeschafft ginn.

D'Kommissioun freet de Gemengerot ob hie mat dëser Iddi averstanen ass. Bei engem positiven Accord wier de nächste Schrëtt d'Produktioun vun engem Beispill-Artikel, fir datt d'Gemeng eng konkret Virstellung vum Konzept kritt.

## Punkt 3: Visitt am Kader vu kulturelle Sitten

Wann Artikelen an der Buet veröffentlecht sinn, kéint een déi beschriwwe Plazen a Gebailechkeeten besichen. Dëst soll op Basis vun de veröffentlechten Artikelen organiséiert ginn, mat enger Visitt pro Joer.

## Punkt 4: Divers

**Transport fir ob kulturell Manifestatiounen**

Proposéiert geet datt d'Gemeng eventuell Busser zur Verfügung stelle kéint fir Leit déi keng Méiglechkeet hunn op kulturell Manifestatiounen ze kommen. Dëst géif souwuel fir Manifestatioune vun der Gemeng selwer gëllen, wéi och fir kulturell Manifestatioune vu Veräiner aus der Gemeng. De Käschtepunkt kéint aus dem Budget vun der Kulturkommissioun gedeckt ginn. Veräiner missten un d'Kommissioun eruntriede wann si dëse Service wéilten. De System géing mat Umeldung funktionéieren, fir dass genuch Platzen an de Busser zu Verfügung stinn. Dëse Service kéint besonnesch och fir Leit vum Drëtten Alter intressant sinn.

Wat hellt de Gemengerot vun dëser Propositioun?

**Soirée Benevolat**

D’Kulturkommissioun hat virun enger gewëssen Zäit virgeschloen eng Éierung vu Persounen di am Beräich Benevolat aktiv sinn ze organiséieren. De Gemengerot wollt heizou eng mei konkret Iddien hunn.

Kommissioun proposéiert dass zum Beispill ee Grill Owend fir den entspriechend Leit Merci ze soen.

Helperknapp, 21/06/2026

Krittären déi eng Persoun oder Veräin erfëlle muss kéinten zum Beispill follgend sinn:

- De Veräi muss un zwou vun dréi Manifestatioun (Nuits des Sports, Beachdref, ...) vun da Gemeng deelgeholl hunn.
- De Veräi muss Nationalfeierdag oder Commemoratiouns Dag deel geholl hunn

D'Gemeng kéint de Veräin uschreiwe fir dass des Persoune virzeschloen, an d'Unzuel vun de nominéierte Persoune limitéieren.

Persounen déi geéiert kéinte ginn missten:

- 25 Joer aktiv am Veräin sinn
- Oder 10 Joer am Kommitee sinn

Och héich géinge Veräiner des Persounen uginn.

Kulturkommissioun géing sech freeë wann de Gemengerot heizou säi Feedback kéint ginn.

**Nächst Versammlung**

Déi nächst Versammlung vun der Kulturkommissioun ass de 6. Juli um 19 Auer zu Bëschdref.